# Challenge „Jurassic World zu Lëtzebuerg “

**Niveau 2**

**Fro 1**




Dëse spiralfërmege Fossil hues Du direkt als Ammonit erkannt. Wat waren Ammonite fir Déieren wéi si nach gelieft hunn: Muschelen, Schlécken, Tëntefësch, Kriibsen oder Wierbeldéieren?

Een Tipp: D'Schuel vun engem Ammonit ass a Kummeren agedeelt, änlech beim Déier, dat mir haut mam Numm Nautilus kennen.

Wou liewen dës Déieren haut? A wat gi mir iwwert hire Liewensraum gewuer wa mir een Ammonit am Gestengs fannen?

**Fro 2**



Um Chantier op dëser Foto si verschiddene Schichten aus Steng a Buedem ze gesinn.

Wéi eng Schicht ass méi al: déi mam grénge Feil oder déi mam roude Feil? Begrënn Deng Äntwert!

**Fro 3**



Wow! Du hues wierklech Chance! Du hues eng gutt erhale Schierbel vun engem Ichthyosaurier fonnt!

Ichthyosaurier, oder Fëschsaurier, sinn ausgestuerwe Reptilien aus dem Mier. Op den éischte Bléck hunn si ausgesi wéi ons Delfinen haut, mee mat 4 Paddelen an enger Schwanzfloss.

Wann een Déier nei entdeckt gëtt kritt vun de WëssenschaftlerInnen een Numm. Oft kënnt dëse Numm aus dem Latäin oder aus dem Griicheschen. Entweder gëtt d'Form beschriwwen, dem Fossil seng Hierkonft oder ee besonnescht Mierkmol.

De Numm "Ichthyosaurus" ass aus zwee griichesche Wierder zesumme gesat. Fann eraus, wéi eng dat sinn a wéi eng Bedeitung si hunn!

**Fro 4**






Du hues Fossilië vun Ammoniten a vun Ichthyosaurier fonnt. Domadder hues du bewisen, dass dës zwou Gruppe vu Liewewiesen aus dem Jura-Mier och an onser Géigend wou haut Lëtzebuerg ass, gelieft hunn. Wéi eng Virstellung hues Du wéi d'Déieren (Ammoniten, Ichthysaurier, Fësch, Kriibsen... anerer?) aus dem Jura-Mier vun deemools ausgesinn hunn. Zeechen Deng Virstellung vum Jura-Mier op der nächster Säit!

**Bonusfro**




Du hues ee ganz rare Fossil fonnt: ee verstengerte Flillek vun engem Heesprénger.

Moment emol! Wou liewen Heesprénger normalerweis?

Wéi kann et sinn, dass een Heesprénger sech zesumme mat engem Ammonit an engem Fëschsaurier verstengere konnt? Wat mengs Du? Begrënn Deng Äntwert!